N° 4310
Reçue le 11.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 11 JUIN 2021

**Objet : Question parlementaire n° 4310 de Monsieur le Député Marc Goergen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri KOX, an vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl, Jean ASSELBORN, op d'parlamentaresch Fro n° 4310 vum 19 Mee 2021 vum honorablen Députéierten Marc Goergen**

**Ad 1):**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 4107 uginn, sinn bei de Mannerjäregen déi wärend der Prozedur verschwonne sinn, also nodeems si een Administrateur ad hoc designéiert kruten an hier Demande agereecht hunn, 3 Demanden 2016 clôturéiert ginn. 2017 waren dëst der 5, 2018 3 an 2019 nëmmen 1. 2020 ass keng Demande an deem Sënn zougemaach ginn.

D'Police sammelt d'Chiffere vun de vermësste Mineuren, wann se signaléiert goufen. Dofir ginn d'Unitéiten um Terrain d'Informatiounen un d'Direction des relations internationales vun der Police grand-ducale weider, déi hirersäits en charge ass fir d'Gestioun vun de Signalementer an de betreffenden Datebanken. Dat beinhalt och allgemeng d'Signalementer vu Mineuren, déi op Lëtzebuerger Territoire verschwonne sinn. Et gëtt awer net agedroen, ob et sech dobäi ëm en demandeur de protection internationale handelt.

**Ad 2):**

De Reglement Dublin III applizéiert den Intérêt supérieur de l'enfant an erlaabt et engem Mannerjärege successiv an e puer Memberstaaten eng Demande op internationale Schutz ze maachen. Des Staate mussen d'Demande traitéieren, ouni de Mannerjäregen an een anert Land zeréck ze transferéieren. Doduerch ass et schwéier prozedural Moossnamen ze huelen an déi Mannerjäreg dovun ofzehalen an aner Memberstaaten ze goen, ausser déi Persounen ze sensibiliséiere fir d'Land net ze verloossen an ee gudden Encadrement ze bidden. Säit 2019 krit all Mannerjäregen dee fir eng Demande op internationale Schutz virstelleg gëtt, eng Informatiounsbroschüre mat op de Wee wou dës Consignen och dra stinn.

Géint d'Grënn wisou verschidden Persounen verschwannen, déi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 2078 vum 23. Abrëll 2020 duer geluecht gi sinn, ass et dowéinst schwéier eppes ze ënnerhuelen well déi meeschten Persounen Lëtzebuerg éischter als Transit Land gesinn an sech als Mannerjäreg ausginn an dann engem Transfert laut dem Règlement Dublin III an deem Sënn kënnen entgoen.